1-2021-O-R-7019-01 (n°3808)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fred Keup

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

2

MOTIOUN

HA au sujet de l'approvisionnement et de la sécurité énergétique au Luxembourg

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- déi aktuell Krichssituatioun an der Ukrain d'Ofhängegkeet vun der Lëtzebuerger Energieversuergung vu Fournisseuren aus dem Ausland däitlech virun Ae féiert;
- Lëtzebuerg domat och héije strategesche Risiken ausgesat ass;
- Lëtzebuerg an d'EU bei hirer Energieversuergung zum Deel op Importer aus autoritären oder esouguer totalitäre Staaten ugewise sinn;

ass sech bewosst, datt

- Lëtzebuerg dauerhaft op kompetitiv Energiepräisser fir seng Entreprisen ugewisen ass;
- Lëtzebuerg senge private Stéit moderat Energiepräisser fir hir normal Besoinen, wéi z.B. d'Hëtzen, muss bidden;
- datt Lëtzebuerg op sengem nationalen Territoire nëmme beschränkt Pëtrolsreserve stockéiert a keng Gasreserven huet;
- d'Besoinen un Energie an deenen nächste Jore viraussiichtlech nach klammen;
- alternativ Energie volatil sinn an eleng net duergi fir d'Energieversuergung vum Land zouverlässeg ze garantéieren.

fuerdert d'Regierung op,

- déi aktuell Kris als Chance ze begräifen, fir d'Energiepolitik vun deene leschte Joren op de Leescht ze huelen an, am Aklang mam europäesche Recht, der Chamber bis zum 1. Oktober en nohaltegt an zouverlässegt, nationaalt Energieversuerungskonzept ze presentéieren;
- dobäi och e Konzept fir méi Reserven u fossillen Energien um nationalen Territoire ze presentéieren;
- dobäi op all nei europäesch Scholden ze verzichten, a bei der Finanzéierung de Maastrichter Vertrag integral ze respektéieren;
- am Hierscht eng Consultatiounsdebatt iwwer déi national Energieversuergung virzegesinn.

Fred Keup

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742